

FUEDEM DEN NAUE

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER



Wormer
d'Rieslingsgemeen

N° 1
ABRÉLL 2026



■ WORMER ■ WORMERBERREG ■ OHN ■ ÉINEN ■ DRÄIBUER ■ KAPENAKER ■ MEECHTEM



Wormer
d'Rieslingsgemeen

DE FUEDEM NET VERLÉIEREN

EDITORIAL	1
Marc KRING	1
GEMEENEROT	2
De Bericht vum 15. Dezember 2025	2
Budget 2026	6
De Bericht vum 9. Februar 2025	8
RÉCKBLÉCK	15
Januar - Mäerz 2026	15
MATDEFLUNGEN	16
Austausch Offallbehälter	16
Neie Kollektivvertrag	17
Manifestatiounskalenner	18
Aus de Kommissiounen	20
NAUEGKEETEN	22
Kleedersammlung per Container	22
Neizougang	23
Gemeenenatelier & CIS Wormer	24
FC Koepchen Aweigung Nei Buvette a Vestiairen	26
Éinen Puddel Pavillon	28
KLIMAPAKT	30
Waasserspuren	30
Prefinanzement Solaranlag	31
Wandpark Fluessweiler Wormer	32
NATURPAKT	34
Aktioun Bestäuberstauden	36
Igel, Hieselmaus a Siwweschléifer	38
Green Events	40
FORMULAIREN	42
Sportler- a Benevollenéierung 2026	42
Studentenjob 2026	43
KONTAKT	44
Nätzlech Nummern	44



MARC KRING
CONSEILLER

LÉIF MATBIERGER*INNEN,

Et ass mir eng grouss Éier, an dëser Editioun vum Fuedem e puer Wierder un Iech riichten ze dierfen. Mäi Merci geet un de Schäfferot, deen d'Traditioun vum vieregte Schäfferot weiderféiert an dem Gemengerot dës Plattform bitt. Esou eng kollegial Zesummenaarbecht ass net iwwerall selbstverständlech. Virun allem awer e grouse Merci un Iech, Léif Matbirgerinnen a Matbirger, fir Äert Vertrauen, dat mir erméiglecht, mech am Gemengerot fir éis Gemeng anzesetzen.

Säit 2011 sinn ech Member vum Gemengerot a verrieden zënterhier éis Gemeng am Drénkwaassersyndikat SIDERE, an deem 15 Gemengen aus dem Osten zesummeschaffen. Fir éis Gemeng ass déi regional Drénkwaasserversuergung essentiell, well mir selwer iwwer keng eegen Drénkwaasserressourcë verfügen – déi lokal Geologie gëtt dat net hier. Zënter 2017 sinn ech Member vum Bureau – enger Funktioun, déi mat enger Schaffepositoun vergläichbar ass. Dëst erméiglecht mir, den Ausbau an d'Moderniséierung vun der regionaler Versuergung virunzebréngen, fir datt éis Bierger och an Zukunft op eng zouverlässeg Drénkwaasserversuergung ziele kënnen.

En zweet wichtegt Thema ass fir mech d'Entwécklung vun der regionaler Ekonomik. Am SIAEG verrieden ech éis Gemeng zënter 2011. De Syndikat geréiert déi regional Industriezon um Potaschberg an en Deel vum Mäerter Hafen. An de leschte Jore goufen déi zwee Sitté kontinuierlech ausgebaut, an den Ausbau vum Site Potaschberg ass aktuell a Planung. Domat bleift d'wirtschaftlech Dynamik vun éiser Regioun och an Zukunft geséichert.

Och d'Ëmwelt ass mir wichteg. Zënter dem Baitrëtt vun éiser Gemeng zum Klimapakt am Joer 2013 engagéieren ech mech am Klimateam. Zil ass et, konkret Léisunge fir d'Erausfuorderung vum der Klima- an Energiepolitik ze entwéckelen.

Ech wënschen Iech allen, Léif Matbirgerinnen a Matbirger, schéin Ouschterdeeg an déi néideg Zouversicht an dëser beweegter Zäit.

Marc KRING
Conseiller

CHER(E)S CONCITOYEN(NE)S,

C'est un grand honneur de m'adresser à vous dans cette édition du Fuedem. Je remercie le Collège échevinal qui poursuit la tradition de ses prédécesseurs en offrant aux membres du Conseil communal cette plateforme d'expression. Une telle coopération collégiale ne va pas de soi. Avant tout, c'est à vous que je tiens à adresser mes remerciements pour la confiance que vous m'accordez, qui me permet de m'engager au sein du Conseil communal.

Depuis 2011, j'y siége et je représente également notre Commune au sein du syndicat d'eau potable SIDERE, qui réunit quinze communes de l'est. L'approvisionnement en eau potable est un enjeu essentiel pour notre commune, qui ne dispose pas de ressources naturelles propres. Depuis 2017, je fais partie du bureau du syndicat, ce qui me permet de contribuer au développement et à la modernisation de l'approvisionnement régional afin de garantir, à l'avenir aussi, une distribution d'eau potable fiable et de qualité.

Le développement de l'économie régionale est un autre sujet important pour moi. Depuis 2011, je représente notre commune au sein du SIAEG, qui gère la zone industrielle du Potaschberg ainsi qu'une partie du port de Mertert. Ces deux sites ont été développés ces dernières années et une extension du Potaschberg est actuellement en cours de planification, afin de soutenir le dynamisme économique de notre région.

Enfin, l'environnement me tient également à cœur. Depuis l'adhésion de notre commune au Pacte Climat en 2013, je m'engage activement au sein du Klimateam afin de développer des solutions concrètes face aux défis climatiques et énergétiques.

Je vous souhaite de joyeuses fêtes de Pâques et la sérénité nécessaire en ces temps changeants.

GEMEENEROTSSITZUNG

vu méindes, dem 15. Dezember 2025



Present: De Buergermeeschter Claude PUNDEL; d'Schäffe Mathis AST a Pierre ADAM; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Marc KOHN, Judith KOHLER a Félix SCHAELEER; de Sekretär Pascal WELTER

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sitzung: 17.00 Auer

ËFFENTLECH SITZUNG

De Buergermeeschter freet fir de Punkt 6 op den Ordre du Jour bäisetzen ze loossen.

1. Rektifizéierte Budget 2025 a Budget 2026

11 x ☒

Am Kader vun der Opstellung vum Budget hunn eng Rei Aarbechtsreuniounen stattfonnt, fir de Budgetsprojéit bis zum Vott virzebereeden. D'Chronologie vun den Etappe war déi folgend: de 17. November hat de Schäfferot eng éischt Mise à Jour, de 24. November krut de Schäfferot déi zweet Mise à Jour, den 28. November war et un där drëtter Mise à Jour. Den 2. Dezember gouf eng Aarbechtssitzung mam Conseil organiséiert. Et si weider Mise-à-Jouren nokomm mat de Remarken, déi aus där Sitzung ervirgaange sinn. Den 9. Dezember ass de Budget der Finanzkommissioun virgestallt ginn. An elo befénnt de Gemeenerot iwwert dat fäerdeg Budgetdokument.

De Budget ass thematesch no grousser Rubriken opgebaut. Am ordinäre Budget huet d'Gemeen eng Enveloppe vu 17.570.332,01 €. Bei den ordinären Depensen ass virun allem den Impakt um Niveau vum Personal ervirzehiewen. Verschidde strukturell Upassungen, wéi zum Beispill d'Jugendhaus, dat elo als onofhängeg Struktur funktionéiert an net méi als Satellit, belaauchten de Budget. Bei der Offallgestioun ass eng Investitioun vun 120.000,00 € virgesinn, fir e systemateschen Austausch vun den Offallbehälter, dést concernéiert d'Kierf fir Pabeier a Glas. Mat 4,2 Milliounen schléit de Billek och ferm zu Buch. Den Emprunt den 2026 virgesinn ass, bréngt am ordinäre Budget een zolitte Pak Zënse a Bankfrais mat sech. Den Total vun den ordinären Depensen beleef sech op 17.316.556,13 €.

Bei den extraordinäre Recetten ass fir 2026 en Emprunt vun 21,5 Milliounen Euro agerechent. Dat féiert zu engem Total vun extraordinäre Recettë vun 23.003.086,54€.

Op der Investitiounssäit, ganz sommaire duergestallt, sinn eng Rei grouss Projéiten ageplangt: d'Fäerdegstelle vum

Atelier, d'Crèche an den Ausbau vun der Kichen um Billek, de Programm vun de Wéngertsweeër, eventuell komplementär Etüde fir d'Foussgängerbréck Meechtem-Néttel, der Gemeen hiren Undeel un der Kichen am Wäinhaus, SIGRE-Etüde fir e Centre de Ressources, den Traffo um Billek, Dotatiounen fir Dealer vum Wandpark, dräi sozial Wunnengen, de Pavillon zu Éinen, eng Etüde fir d'Mobilitéitskonzept, Iwwerwaachungssystemer (Kameraen an de Parkingen), Stroossebauaarbechten, d'Morgue, d'Entlüftung vun enger Leitung um Froumbierg, eng Reserve vu 500.000,00 € fir d'Acquisitioun vun Terrainen, Etüde fir en Trainingsterrain souwéi weider renovatiounstechnesch Iwwerleeungen am Zesummenhang mam Bestand vum Centre Culturel Maurice Senninger. Déi gesamt extraordinär Depensë belafen sech op 23.213.350,66 €.

D'Joer 2024 gëtt mat engem Boni vun 11.101.949,76 € ofgeschloss. Dëst entsprécht dem Emprunt, den am Joer 2025 net huet misse kontraktéiert ginn. Eng global Iwwersiicht vun den Emprunte gouf presentéiert.

An der Finanzkommissioun waren, bis op zwee Memberen, all d'Vertrieder präsent. D'Kommissioun huet e positiven Avis zum Budget ofginn, begleet vu verschiddene Recommandatiounen. Dorënner d'Noutwendegkeet, grouss Investitiounsprojéiten iwwer méi Exercicer ze plangen an iwwert de PPF méi prezis ze suivéieren, souwéi d'effektiv Frais am Verglach zum initiale Vote am Aen ze behalen. Besonnesch d'Frais de fonctionnement vum Billek (Maison relais a Crèche), belaauchten de Budget staark. D'Eegeparticipatioun klëmmt am Verglach zu deem, wat de Staat verrechent, an och d'Folgekäschte mussen an Zukunft méi konsequent observéiert ginn. D'Differenz tëscht ordinären Depensen a Recetten ass méttlerweil op ronn 800.000,00 € zeréckgaang.

E weidere konkrete Projéit ass de Schoulgaart, mat engem Budget 2026 vun 92.160,00 €. Virgesinn sinn ë.ä. d'Sanéierung vun enger morscher Trap, den Neiopbau vun der Bréckelchen, en Énnerstand, e Bamhaus, souwéi d'Ëmsetze vun Hochbeeter. Dës Projéit ass e Leader-Projéit. De Budget stellt domat eng Zort Fuerplang fir dat nächst Joer

duer. Wann all déi geplangte Mesuren ëmgesat ginn, ass dat ouni Zweifel ambitiéis. An der Praxis geet et awer net ëmmer esou séier virun, wéi ee sech dat wënscht. D'Gemeen huet sech d'Moyene ginn, a wäert an de kommende Budgetexercicer reegelméisseg evaluéieren, wou déi eenzel Projete stinn.

2. Geneemegung vun Nottärsakten

Kafsakt vu Parzellen « A Pietert » zu Wormer

11 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Nottärsakt vum 1. Dezember 2025 laut deem den Här Mathias Gustave MESENBURG an d'Madamm Jacqueline Marie Claire SCHOCK d'Parzell mat der Kadasternummer 6594 (1,57 Ar) um Lieu-Dit « A Pietert » zu Wormer fir e Präis vu 17.270,00 € un d'Gemeen verkafen.

Kafsakt vu Parzellen « Am Gaa » zu Éinen

11 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Nottärsakt vum 1. Dezember 2025 laut deem den Här Georges Jean Pierre SCHUMACHER an d'Madamm Elvire Eugénie SCHALBAR d'Parzelle mat de Kadasternummere 3537 (0,72 Ar), 3733/5538 (14,40 Ar), 3741/2683 (25,90 Ar) an 3765/5536 (6,75 Ar) um Lieu-Dit « Am Gaa » zu Éinen fir e Präis vu 30.000,00 € un d'Gemeen verkafen.

Geneemegung vun engem Tauschofkommes

11 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert den Nottärsakt vum 1. Dezember 2025 mat deem d'Gemeen d'Parzellen 1226/11344 (0,01 Ar) an 1226/11345 (0,26 Ar) um Lieu-Dit « Wéngertswee » um Wormerberreg ofgëtt, an am Géigenzuch d'Parzell 1226/11342 (0,01 Ar) um selwechte Lieu-Dit vum Här Jörg DENIS kritt. D'Terrainen hunn ënnerschiddlech Valeuren, deemno muss der Gemeen eng Soutle vun 19.500,00 € bezuelt ginn.

Gratis Ofriede vun engem Stéck am « Wéngertswee » um Wormerberreg

11 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Nottärsakt vum 1. Dezember 2025 laut deem den Här Jörg DENIS d'Parzell mat der Kadasternummer 1226/11341 (0,16 Ar) an 1226/11344 (0,01 Ar) um Lieu-Dit « Wéngertswee » um Wormerberreg gratis un d'Gemeen oftrëtt.

Verkafsakt vu Parzellen « Op Tomm » um Wormerberreg

11 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Nottärsakt vum 1. Dezember 2025 laut deem den Här Jörg DENIS d'Parzelle mat de Kadasternummere 1444/5317 (2,48 Ar) um Lieu-Dit « Op Tomm » an der Sektoun Dräibuer fir 74.400,00 € vun der Gemeen ofkeeft.

3. Compromis de vente - Madamm MÜLLER

11 x ☒

De Gemeenerot geneemegt de Compromis deen den 8. Dezember 2025 tëscht dem Schäfferot an der Madamm Gaby MÜLLER ënnerschriwwen ginn ass an d'Parzell mat der Kadasternummer N°472/0 zu Wormer am « Helligenhaischen » betrëfft. D'Parzell läit net am PAP W8a Helligenhaischen mee an enger Zone MIX-v. De Verkaufspräis fir déi Gesamtfläch vun 1 Ar ass op 20.000,00 € festgeluecht ginn.

4. Nominatioun vun engem Member fir d'Sportskommissioun

11 x ☒

De Gemeenerot hält eng Upassung un der Kompositioun vun der Sportskommissioun vir. D'Madamm Pia BACK huet sech gemellt fir an der Sportskommissioun matzeschaffen.

5. Extraordinär Subsiden

11 x ☒

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot dem Syndicat d'Initiative et de Tourisme eng finanziell Ënnerstëtzung vun 5.750,00 € ze accordéieren, fir d'Organisatioun vum Picknick 100 Joer Koeppchen.

6. Temporäert Verkéiersreglement - « Route du Vin » zu Éinen

11 x ☒

De Gemeenerot confirméiert d'Drénglechkeetsreglement, dat de Schäfferot a senger Sitzung vum 8. Dezember 2025 geholl huet fir de Verkéier um CR144 (Frongaass) zu Éinen am Kader vun de Reamenagementsaarbechte vum SIDESt, de Ponts et Chaussées an der Gemeen mat enger Einbanstroossereegelung ze reegelen.

NET ËFFENTLECH SITZUNG

7. Nominatioun vun engem Employé A1 - Service Technique

No der Ausschreiwung vum Posten an der Gemeeneverwaltung fir d'Besoin vum Service Technique, gëtt d'Madamm Maria FERNANDES mat Wierkung op den 1. Februar 2026 op dëse Poste genannt.

8. Nominatioun vun engem Fonctionnaire D1 - Service Technique (agent municipal)

No der Ausschreiwung vum Fonctionnaires-Posten an der Karriär D1, ass kee vun den 2 Kandidaten op de Poste vum Agent Municipal genannt ginn.

ENN VUN DER SITZUNG ■

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

lundi, 15 décembre 2025



Présent: Le bourgmestre Claude PUNDEL; les échevins Mathis AST et Pierre ADAM; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Marc KOHN, Judith KOHLER et Félix SCHAELE; le secrétaire communal Pascal WELTER

Excusé: /

Début de la séance: 17h00

SÉANCE PUBLIQUE

Le Bourgmestre demande d'ajouter le point 6 à l'ordre du jour.

1. Budget rectifié 2025 et budget 2026

11 x ☒

Dans le cadre de la préparation du budget, une série de réunions de travail ont eu lieu afin de préparer le projet qui sera soumis au vote. La chronologie des étapes que poursuivait le document jusqu'à sa version finale était la suivante : le 17 novembre, le Collège échevinal a reçu une première mise à jour ; le 24 novembre, une deuxième mise à jour ; et le 28 novembre, une troisième mise à jour. Le 2 décembre, une séance de travail avec le Conseil communal a été organisée. Elle a été suivie d'autres mises à jour intégrant les commentaires issus de cette séance. Le 9 décembre, le budget a été présenté à la Commission des finances. Lors de la réunion d'aujourd'hui, le Conseil communal a pris sa décision sur le budget.

Le budget est structuré thématiquement en grandes sections. Dans le budget ordinaire, la commune dispose d'une enveloppe de 17.570.332,01 €. Parmi les dépenses ordinaires, l'impact au niveau du personnel est particulièrement notable. Divers ajustements structurels, tels que la maison des jeunes, qui fonctionne désormais comme une structure indépendante plutôt qu'un satellite, pèsent sur le budget. Dans le domaine de la gestion des déchets, un investissement de 120.000,00 € est prévu pour le remplacement systématique des Eco-Bacs, destinées au papier et au verre. Le syndicat scolaire BILLEK représente également une dépense importante, s'élevant à 4,2 millions. L'emprunt prévu pour 2026 s'accompagne d'un ensemble substantiel d'intérêts et de frais bancaires dans le budget ordinaire. Le total des dépenses ordinaires s'élève à 17.316.556,13 €.

Du côté des recettes extraordinaires, un emprunt de 21,5 millions d'euros est prévu pour 2026. Il en résulte un total de recettes extraordinaires de 23.003.086,54 €.

Du côté des investissements, présentés très sommairement, plusieurs projets importants sont prévus : l'achèvement de l'atelier, la crèche et l'agrandissement de la cuisine au Billek, le programme des chemins viticoles, des études complémentaires éventuelles pour le pont Machtum-Nittel, la participation de la commune à la cuisine de la maison du vin, les études SIGRE pour un centre de ressources, le transformateur sur le site du Billek, des dotations liées au parc éolien Fluessweiler-Wormer, trois logements sociaux, le pavillon à Ehnen, une étude pour le concept de mobilité, des systèmes de surveillance (caméras dans les parkings), travaux routiers, morgue, ventilation d'une canalisation au lieu-dit « Froumbierg », une réserve de 500.000,00 € pour l'acquisition de terrains, des études pour un terrain d'entraînement ainsi que des réflexions en vue de la rénovation du centre culturel Maurice Senninger à Ehnen. Le total des dépenses extraordinaires s'élève à 23.213.350,66 €.

L'année 2024 se terminera avec un excédent de 11.101.949,76 €. Cela correspond à l'emprunt qui n'a pas dû être contracté en 2025. Un aperçu global des emprunts a été présenté.

Tous les représentants étaient présents à la commission des finances, à l'exception de deux membres. La commission a émis un avis favorable sur le budget, accompagné de plusieurs recommandations. Celles-ci incluent la nécessité de planifier les grands projets d'investissement sur plusieurs années et de les suivre de manière plus précise (PPF), ainsi que de surveiller de près les frais effectifs par rapport au devis initial. Les frais de fonctionnement, en particulier ceux du Billek (Maison relais et crèche), pèsent lourdement sur le budget. La contribution propre augmente par rapport à ce que l'État facture, et les coûts de suivi doivent également être surveillés de manière plus cohérente à l'avenir. La différence entre les dépenses ordinaires et les recettes est entre-temps retombée à environ 800.000,00 €.

Un autre projet concret est le jardin scolaire, avec un budget de 92.160,00 euros. Il est notamment prévu de rénover un escalier pourri, de reconstruire le petit pont, un abri, une cabane dans les arbres, ainsi que d'installer des potagers surélevés. Ce projet est considéré comme un projet Leader.

Le budget sert donc en quelque sorte de feuille de route pour l'année à venir. La mise en œuvre de toutes les mesures prévues est sans aucun doute ambitieuse. Dans la pratique, cependant, les choses ne progressent pas toujours aussi vite qu'on le souhaiterait. La Commune a mis en place les mesures nécessaires et évaluera régulièrement l'état d'avancement des différents projets lors des prochains exercices budgétaires.

2. Approbation de divers actes notariés

Acquisition de parcelles « A Pietert » à Wormeldange

11 x ☒

Par acte notarié du 1^{er} décembre 2025, la Commune de Wormeldange acquiert la parcelle n°6594 (1,57 are) sise à Wormeldange au lieu-dit « A Pietert », appartenant à Monsieur Mathias Gustave MESENBURG et Madame Jacqueline Marie Claire SCHOCK, au prix de 17.270,00 €.

Acquisition de parcelles « Am Gaa » à Ehnen

11 x ☒

Par acte notarié du 1^{er} décembre 2025, la Commune de Wormeldange acquiert quatre parcelles sises à Ehnen au lieu-dit « Am Gaa », appartenant à Monsieur Georges Jean Pierre SCHUMACHER et Madame Elvire Eugénie SCHALBAR, au prix de 30.000,00 €, terrains dont les références cadastrales sont les suivantes: 3537 (0,72 are), 3733/5538 (14,40 ares), 3741/2683 (25,90 ares) et 3765/5536 (6,75 ares).

Acte d'échange - parcelles à Wormeldange-Haut

11 x ☒

Le Conseil communal approuve l'acte d'échange du 1^{er} décembre 2025, par lequel la Commune de Wormeldange cède les parcelles 1226/11344 (0,01 are) et 1226/11345 (0,26 are) situées au lieu-dit « Wéngertswee » à Wormeldange-Haut. En contrepartie, la Commune acquiert la parcelle 1226/11342 (0,01 are) de Monsieur Jörg DENIS, située au même lieu-dit. Étant donné que les terrains ont des valeurs différentes, l'échange donne lieu à une soulte de 19.500,00 € au profit de la Commune.

Cession gratuite d'un terrain « Wéngertswee » à Wormeldange-Haut

11 x ☒

Le Conseil communal approuve l'acte notarié du 1^{er} décembre 2025 par lequel la Commune de Wormeldange bénéficie de la cession gratuite des parcelles cadastrales n°1226/11341 (0,16 are) et n°1226/11344 (0,01 are) de la part de Monsieur Jörg DENIS situées au lieu-dit « Wéngertswee » à Wormeldange-Haut.

Vente de parcelles « Op Tomm » à Wormeldange-Haut

11 x ☒

Le Conseil communal approuve l'acte de vente, signé le 1^{er}

décembre 2025 entre Commune de Wormeldange et Monsieur Jörg DENIS, par lequel la Commune vend la parcelle de terrain n° 1444/5317 (2,48 ares) sise au lieu-dit « Op Tomm » à Wormeldange-Haut dans la section Dreiborn, pour la somme de 74.400,00 €.

3. Compromis de vente - Madame MÜLLER

11 x ☒

Le Conseil communal approuve le compromis de vente signé le 8 décembre 2025 entre le Collège échevinal et Madame Gaby MÜLLER concernant la parcelle n°472/0 (1 are) située au lieu-dit « Helligenhaischen » à Wormeldange, pour un prix de 20.000,00 €. La parcelle ne se situe pas dans le PAP W8a Helligenhaischen, mais dans une zone MIX-v.

4. Nomination d'un membre pour la Commission du Sport

11 x ☒

Le Conseil communal procède à une adaptation de la composition de la Commission du Sport. Madame Pia BACK s'est déclarée disposée à siéger au sein de la commission consultative.

5. Subsidés extraordinaires

11 x ☒

Sur proposition du Collège échevinal, le Conseil communal accorde un subside de 5.750,00 € au Syndicat d'Initiative et de Tourisme pour l'organisation du pique-nique à l'occasion du centenaire de la chapelle Saint Donat Koeppchen.

6. Règlement temporaire de circulation « Route du Vin » à Ehnen

11 x ☒

Le Conseil communal confirme le règlement de circulation d'urgence édicté le 8 décembre 2025 par le Collège échevinal dans le cadre des travaux de réaménagement de la N10 à Ehnen, menés par SIDEEST, Ponts et Chaussées et la Commune de Wormeldange. Le CR144 (Frongaass) sera mis en sens unique jusqu'à la fin de la phase actuelle du chantier.

A HUIS CLOS

7. Nomination d'un employé A1 - Service Technique

Suite à la publication du poste pour l'employé communal A1 au sein du Service Technique, Madame Maria FERNANDES est nommée à ce poste avec effet au 1^{er} février 2026.

8. Nomination d'un fonctionnaire D1 - Service Technique

Suite à la publication du poste pour le fonctionnaire communal D1 au sein du Service Technique (agent municipal), aucun des 2 candidats n'a été nommé.

FIN DE LA SÉANCE ■

BUDGET 2026

BUDGET EXTRAORDINAIRE	BUDGET 2026
Coordination administrative	
Frais d'études divers	1 000,00 €
Coordination technique	
Construction d'un nouvel atelier communal	7 000 000,00 €
Acquisition d'une camionnette avec lève-conteneur et un conteneur	95 000,00 €
Acquisition d'un tracteur tondeuse	55 000,00 €
Acquisition d'une camionnette pour l'équipe Eau	100 000,00 €
Crèches et garderies	
BILLEK - Construction d'une crèche	8 294 411,52€
Maisons-relais / Foyers scolaires	
BILLEK - Agrandissement et modernisation d'une cuisine de production	2 460 000,00 €
Aides aux nécessiteux	
Dotation au Fonds de Roulement de l'Office Social	825,00 €
Sylviculture	
Acquisition de parcelles boisées	25 000,00 €
Viticulture	
Sécurisation/Entretien des parois rocheuses	145 000,00 €
Aménagement d'une station collective de lavage de pulvérisateurs	10 000,00 €
Travaux aux chemins dans les vignes - exercice 2020	550 000,00 €
Travaux aux chemins dans les vignes - exercice 2023	550 000,00 €
Tourisme	
Pont pour piétons et cyclistes entre Machtum et Nittel (D)	50 000,00 €
Entente touristique de la Moselle - Aménagement d'une cuisine au Wäinhaus Ehnen	18 400,00 €
Gestion des déchets	
SIGRE - Construction d'un parc de recyclage fixe sur le site de la décharge Muertendall	36 401,25
Gestion des eaux usées	
Travaux de raccordement à la station d'épuration régionale à Grevenmacher	450 000,00 €
Travaux de raccordement de 2 maisons au réseau d'eaux mixtes à Machtum	135 000,00 €
Etudes/Elaboration canalisation eaux usées lieu-dit "Reisselt" à Ehnen	35 000,00 €
Mise hors service fosses septiques privées (court-circuitage)	75 000,00 €
Raccordement du centre scolaire Billek au collecteur d'eaux usées à Dreiborn	850 000,00 €
SIDEST - Participation communale aux investissements pour la station d'épuration de Grevenmacher et les réseaux associés	800 000,00 €
BILLEK - Remise en état du réseau d'assainissement des eaux usées	186 000,00 €
Mesures d'économie d'énergie	
Études dans le cadre du Pacte Climat	75 000,00 €
Frais d'études relatifs à la construction d'éoliennes en collaboration avec la Commune de Flaxweiler	345 000,00 €

Remplacement chauffage à mazout de l'ancienne école à Machtum par système pompe à chaleur	94 000,00 €
Part Wandpark Fluesweiler-Wormer S.A.	220 000,00 €
BILLEK - Installation d'un éclairage en LED	29 400,00 €
BILLEK - Réalisation d'un nouveau poste de transformation	180 000,00 €
Gestion des eaux de surface	
Elaboration d'un concept de gestion intégrée des risques de fortes pluies	25 000,00 €
Logements au prix du marché	
Travaux de rénovation dans une maison située 19, Kräizgaass à Wormeldange-Haut	275 000,00 €
Logements à prix réduit	
Construction de 3 logements sociaux dans la « Rue de de l'École » à Machtum	750 000,00 €
Places publiques	
Concept loisirs pour le "Puddel" à Ehnen (place publique le long de la Moselle en hauteur de la localité d'Ehnen)	1 100 000,00 €
Circulation	
Élaboration d'un concept de mobilité communal	110 000,00 €
Parking	
Installation d'un système de vidéosurveillance et sécurisation du parking derrière la Mairie	75 000,00 €
Voirie vicinale	
Redressement du CR122 (Rue Principale) à Wormeldange	570 000,00 €
Réaménagement des trottoirs et réseaux divers le long de la RN 10 entre Hëttermillen et Ehnen - part communale	2 000 000,00 €
Réaménagement des rues Isidore Comes, Nikolaus Hein, Kierchegaessel, Clas von Ehnen, Millewee, Casino-gaass et Place de l'Eglise à Ehnen	300 000,00 €
Emprises pour chemins repris / voirie vicinale	50 000,00 €
Cimetières	
Rénovation morgue à Wormeldange	150 000,00 €
Aménagement d'un Wéngertskoerfich	25 000,00 €
SICEC - Projet d'extension du crématoire de Hamm (salle de cérémonie, salle d'attente pour familles et bureaux supplémentaires)	13 136,69 €
Alimentation en eau	
Renouvellement de la conduite d'eau en fibrociment entre Wormeldange et Machtum	100 000,00 €
Immeubles bâtis et non bâtis non affectés	
Frais d'études - élaboration projet au noyau de Wormeldange sur ancienne propriété "Beckius" y compris Café des Vignerons	35 000,00 €
Acquisition de terrains non affectés	500 000,00 €
Autres logements et équipements collectifs	
Schéma Directeur au lieu-dit « Heiligenhaischen » à Wormeldange - études préalables pour PAP	300 000,00 €
Terrains de sports	
Terrain de football - réaménagement des vestiaires FCKW	75 000,00 €
Aménagement d'un terrain d'entraînement à Dreiborn	105 000,00 €
Remplacement du terrain synthétique à Dreiborn	50 000,00 €
Piscines	
Mise en conformité de la piscine	88 200,00 €

BUDGET 2026

BUDGET EXTRAORDINAIRE	BUDGET 2026
Centres culturels et salles de fêtes	
Frais d'études rénovation énergétique et fonctionnelle du Centre Maurice Senninger à Ehnen	50 000,00 €
Centres culturels : mise en conformité	25 000,00 €
Autres Services culturels	
Matériel culturel-acquisition objets d'art	10 000,00 €
Enseignement fondamental	
BILLEK - Frais d'études pour l'aménagement d'un nouveau parking	8 820,00 €
BILLEK - Acquisition d'une tondeuse à siège routière	23 520,00 €
BILLEK - Acquisition de nouveaux iPads	11 059,20 €
BILLEK - Aménagement d'un jardin scolaire	92 160,00 €
BILLEK - Travaux de rénovation et de remise en état des bâtiments et alentours	86 016,00 €
TOTAL DES DÉPENSES EXTRAORDINAIRES	23,2 Mio EUROS

	Tableau récapitulatif du budget rectifié 2025 Zesummeffaassung vum rektifizieréierte Budget 2025		Tableau récapitulatif du budget 2026 Zesummeffaassung vum Budget 2026	
	Service ordinaire	Service extraordinaire	Service ordinaire	Service extraordinaire
Recettes Einnamen	16.903.760,77 €	1.562.292,45 €	17.570.332,01 €	23.003.086,54 €
Dépenses Ausgaben	14.020.115,69 €	15.673.318,87 €	17.316.556,13 €	23.213.350,66 €
Boni Bonus	2.883.645,08 €		253.775,88 €	
Mali Malus		14.111.026,42 €		210.264,12 €
Boni du compte 2024 Bonus vum Kont 2024	11.101.949,76 €	421.300,75 €		
Boni du compte 2025 Bonus vum Kont 2025			295.869,17 €	
Boni général allgemenge Bonus	13.985.594,84 €		549.645,05 €	
Mali général allgemenge Malus		13.689.725,67 €		210.264,12 €
Transfert	- 13.689.725,67 €	+ 13.689.725,67 €	- 210.264,12 €	+ 210.264,12 €
Boni présumé 2025 Geschate Bonus 2025	295.869,17 €			
Boni définitif Definitive Bonus			339.380,93 €	

AVIS OFFICIEL

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal de la Commune de Wormeldange a approuvé le projet de lotissement de trois parcelles sises à Wormeldange, au lieu-dit « Rue Principale », en date du 9 février 2026, point 6 de l'ordre du jour.

AVIS OFFICIEL

Il est porté à la connaissance du public que le Ministre des Affaires Intérieures a approuvé en date du 10 mars 2026 le règlement-taxe relatif aux tarifs à payer pour l'utilisation des salles communales voté par le Conseil communal en séance du 9 février 2026, point 9 de l'ordre du jour.

DE SCHOULSYNDIKAT BILLEK BIDD A SÉNGER SCHWÄMM ZU DRÄIBUER SCHWAMMCOURSEN UN

**BÉBÉ-SCHWAMMEN (3 - 18 MÉINT)
UFÄNGER-COURSEN (AB 6 JOER)
AQUA-FITNESS (AB 16 JOER)
10 SÉANCEN / COURS**

PRÄIS:

**120 EUR/COURS FIR AWUNNER AUS DE GEMENGE
FLUESSWEILER A VU WORMER
180 EUR/COURS FIR AWUNNER AUS DEN ANERE GEMENGEN**


**25, SCHOULWEE
L-5499 DREIBORN**



**76 06 03 500
PISCINE@BILLEK.LU**

LE SYNDICAT SCOLAIRE BILLEK PROPOSE DES COURS DE NATATION DANS SA PISCINE À DREIBORN

**NATATION BÉBÉS (3 - 18 MOIS)
COURS DÉBUTANTS (APD 6 ANS)
AQUA-FITNESS (APD 16 ANS)
10 SÉANCEN / COURS**

PRIX:

**120 EUR/COURS POUR LES HABITANTS DES COMMUNES
DE FLAXWEILER ET DE WORMELDANGE
180 EUR/COURS POUR LES HABITANTS DES AUTRES
COMMUNES**

FORMULAIRE D'INSCRIPTION



GEMEENEROTSSITZUNG

vu méindes, dem 9. Februar 2026



Present: De Buergermeeschter Claude PUNDEL; d'Schäffe Mathis AST a Pierre ADAM; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Marc KOHN a Félix SCHAELEER; de Sekretär Pascal WELTER

Entschëllegt: D'Conseillère Judith KOHLER

Ufank vun der Sitzung: 18.00 Auer

ËFFENTLECH SITZUNG

D'Conseillère Judith KOHLER huet sech ofgemellt a léisst sech duerch eng Procuratioun un de Buergermeeschter Claude PUNDEL fir d'Punkten aus der ëffentlecher Sitzung verrieden.

1. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamtheit vun 5.671.475,64 € geneemegt. Dovu bezéie sech 3.765.253,83 € nach op den Exercice 2025 an 1.906.221,81 € op den Exercice 2026.

2. Kollektivvertrag fir d'Gemeenenaarbechter 2026-2028

10 x ☒

De Kollektivvertrag fir d'Gemeenenaarbechter gëtt fir den Zäitraum vum 1. Januar 2026 bis den 31. Dezember 2028 ënnerschriwwen. Am Budget 2026 sinn déi entspriechend Mesurë geholl ginn, fir déi verbessert Aarbechtskonditiounen kënnen ze finanzéieren. D'Verhandlungen mat der Personaldelegatioun hunn zu e puer Upassungen gefouert, déi d'Attestpflicht, d'Aarbechtszäiten, d'Organisatioun vum Wannerdéngscht, d'Primmen an aner Moossname betreffen.

3. Emprunt

10 x ☒

De Schäfferot gëtt vum Gemeenerot beoptraagt Offere fir en Emprunt vun 21,5 Milliounen Euro bei de Banken unzufroen, fir d'Projeten aus dem extraordinäre Budget ze finanzéieren an am finanziellem Gläichgewiicht ze bleiwen. Zil ass et een accord cadre mat der Bank ofzeschléissen. E puer Projete komme besser viru wéi geplangt, sou datt déi finanziell Mëttel méi fréi gebraucht gi wéi virgesinn.

4. Verdeelung vum Congé Politique

10 x ☒

Duerch d'Pensioun vun der Madamm Conseillère Martine SCHMIT, ginn hir 2 zousätzlech Stonne Congé politique un de Conseiller Marc KRING iwwer.

5. Konventioun

10 x ☒

De Schäfferot huet den 19. Januar 2026 eng Konventioun mat der Madamm Wagner-Hoffmann ënnerschriwwen, déi et der Gemeen erlaabt, ee konforme Busarrêt an een Trottoir op engem Deel vun der Parzell mat der Kadasternummer 1982/11317 ze amenagéieren. D'Konventioun enthält e Bail emphytéotique fir 99 Joer fir e symboleschen Euro.

6. Lotissement vun engem Terrain - « Rue Principale » Wormer

10 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement an der « Rue Principale » zu Wormer fir d'Parzell 1982/11317 an 3 Lousen ze splécken an esou nieft dem Bestandshaus e weideren Bauterrain ze schafen an d'Konventioun aus dem viregte Punkt mat ze betruechten.

7. Kontrakt fir d'Bereetstelle vun Emplacementer fir Elektrobornen

10 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert de Kontrakt mat « LuxRePower S.à.r.l. » (geschäftlech ënner dem Numm SWIO) fir d'Bereetstelle vu Plaze fir Elektrobornen an d'Iwwerhuele vun de Luedinfrastrukturen, déi virdru vu Chargy bedriwwen goufen.

8. Done fir verschidde Liewensmomenter

10 x ☒

De Gemeenerot gëtt sech eng Richtlinn fir Donen un d'Personal a Membere vum Gemeenerot bei verschiddene Liewensmomenter ze reglementéieren wéi zum Beispill d'Gebuert oder Adoptioun vun engem Kand (100,00 €), Bestietnis oder Pacs (200,00 €), Hospitalisatioun oder längere Krankeschäin (75,00 €), esou wéi den Doud vun engem Familljemember aus dem éischte Grad oder Conseiller/fréiere Conseiller (100,00 €).

9. Taxereglement (Notzung vu Gemeenesäll)

10 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert d'Ännerung vum Taxereglement

iwwert d'Notzung vun de Gemeenesäll. Am Sënn vun der Ënnerstëtzung vum Veräinsliewen, gëtt d'Unzuel u gratis Deeg fir Veräiner vun 1 op 2 gehuewen, wa si eng Manifestatioun organiséieren, fir déi Entrée oder eng Participatioun gefrot gëtt.

10. Festleeë vun de fräie Nuechten 2026

10 x ☒

De Gemeenerot leet folgend fräi Nuechte fir bestëmmten Deeg am Joer 2026 fest:

Datum	Ulass	Sektioun
15.02.2026	Fuessonndeg	all
16.02.2026	Fuesméideg	all
15.03.2026	Halleffaaschten	all
01.05.2026	Éische Mee	all
22.06.2026	Virowend Nationalfeierdag	all
11.07.2026	Promenade du Terroir	Ohn
17. - 19.07.2026	Éiner Wënzerdag	Éinen
23.08.2026	Meechtemer Wäischmaachen	Meechtem
18. - 20.09.2026	Riesling Open	all
24.12.2026	Hellegowend	all
25.12.2026	Chrëschttag	all
31.12.2026	Silvester	all

11. Naturpakt

10 x ☒

11.1 Gestaltungs- a Bewirtschaftungsplang vun de kommunale Gréngflächen

Bei enger Gréngflächekartéierung sinn all déi kommunal Gréngflächen erfaasst an dokumentéiert ginn. Fir all Fläch gouf d'Vegetatioun an aner infrastrukturell Gegebenheete festgehalen. Op Basis vun dëser Analys ass e Gestaltungs- a Bewirtschaftungsplang ausgeschafft ginn. Dësen definéiert Moossname fir déi ökologesch Opwäertung vun de Flächen an Hinsiicht op eng naturno Beplanzung.

11.2 Konzept fir eng ökologesch Bewirtschaftung vun de Feld- a Bëschweeër

D'Konzept schreift Richtlinne fir d'Fleeg an den Ënnerhalt laanscht d'Weeër vir, besonnescht betreffend d'Méi- an Heckeschnëttaarbechten.

11.3 Richtlinne fir eng nohalteg an naturno Bëschbewirtschaftung

De Gemeenerot beschléisst eng nohalteg an naturno Bëschbewirtschaftung ze favoriséieren, déi den FSC/PEFC Zertifizierungsstandarden entsprécht.

11.4 Projet Urban Gardening an Urban Farming

De Gemeenerot beschléisst weiderhin de Projet « Gemeinschaftsgaart » vun natur & ëmwelt ze ënnerstëtzen, deen op gemeeneneegenem Terrain bedriwwen gëtt.

11.4 Ëmweltchecklëscht bei PAPen

De Gemeenerot beschléisst d'Ëmweltchecklëscht fir PAPen zukünfteg als Guideline fir Bauhären/Promoteuren unzuerkennen, fir an der Planungsphas Aspekter vum Naturpakt ze berücksichtegen, wéi z.B. begängten Dächer a Fassaden, Förderung vu Biodiversitéit, asw.

11.5 Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept

De Gemeenerot beschléisst d'Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept vum SIAS als strategesch Dokument an Orientierungsgrondlag a Saachen Sensibiliséierung an Informatioun ze adoptéieren. D'Gemeen Wormer dedéiert deemno weiderhin 1-2 Säiten am Gemeenebuet dem Naturpakt.

12. Kredit fir d'Erneuerung vun enger Waasserleitung um Wormerberreg - Wéngertswee

10 x ☒

De Gemeenerot accordéiert e Crédit spécial an Héicht vun 100.000,00 € fir d'Finanzéierung vun enger neier Waasserleitung am Wéngertswee um Wormerberreg.

13. Extraordinär Subsidien

10 x ☒

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot folgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren:

1.000,00 €	Vins et Crémants Luxembourg
50,00 €	Lux Rollers
500,00 €	natur & ëmwelt Sektioun Wormer
500,00 €	Trisomie 21

ENN VUN DER SITZUNG ■

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

lundi, 9 février 2026



Présent: Le bourgmestre Claude PUNDEL; les échevins Mathis AST et Pierre ADAM; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Marc KOHN et Félix SCHAELE; le secrétaire Pascal WELTER

Excusé: La conseillère Judith KOHLER

Début de la séance: 18h00

SÉANCE PUBLIQUE

La conseillère Judith KOHLER, excusée, a donné une procuration au bourgmestre Claude PUNDEL pour pouvoir voter en son nom, pour les points de la séance publique.

1. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 5.671.475,64 €. De ce montant 3.765.253,83 € se rapportent à l'exercice 2025 et 1.906.221,81 € à l'exercice 2026.

2. Convention collective salariés communaux 2026-2028

10 x ☒

La convention collective de travail pour les salariés communaux est signée pour la période du 1^{er} janvier 2026 au 31 décembre 2028. Les mesures nécessaires ont été prévues dans le budget de 2026 pour financer l'amélioration des conditions de travail. Les négociations avec la délégation du personnel ont abouti à plusieurs ajustements concernant l'obligation de certificats médicaux, les heures de travail, l'organisation du service hivernal, les primes et d'autres mesures.

3. Recours à l'emprunt

10 x ☒

Le Conseil communal charge le Collège échevinal de solliciter des offres auprès des banques pour un emprunt de 21,5 millions d'euros afin de financer les projets du budget extraordinaire tout en maintenant l'équilibre financier. L'objectif est de conclure un accord-cadre avec la banque. Certains projets avancent mieux que prévu, de sorte que les ressources financières sont nécessaires plus tôt que prévu.

4. Répartition du congé politique

10 x ☒

Suite au départ à la retraite de la conseillère Martine SCHMIT, ses 2 heures supplémentaires de congé politique sont transférées au conseiller Marc KRING.

5. Convention

10 x ☒

Le 19 janvier 2026, le Conseil communal a signé un accord avec Madame Wagner-Hoffmann, permettant à la Commune d'installer un arrêt de bus conforme et un trottoir sur une partie de la parcelle cadastrée sous le numéro 1982/11317. La convention comprend un bail de 99 ans pour un loyer symbolique.

6. Lotissement d'un terrain « Rue Principale » à Wormeldange

10 x ☒

Le Conseil communal approuve le projet de lotissement dans la « Rue Principale » à Wormeldange visant à diviser la parcelle 1982/11317 en 3 lots, créant ainsi un terrain à bâtir supplémentaire à côté de la maison existante, tout en prenant en considération la convention mentionnée au point précédent.

7. Contrat pour la mise à disposition d'emplacements pour des infrastructure de charge

10 x ☒

Le Conseil communal approuve le contrat avec « LuxRePower S.à.r.l. » (opérant sous le nom de SWIO) pour la mise à disposition de sites pour des bornes de recharge électriques et la reprise de l'infrastructure précédemment exploitée par Chargy.

8. Dons pour divers événements de la vie

10 x ☒

Le Conseil communal adopte une ligne de conduite visant à réglementer les cadeaux offerts au personnel et aux membres du Conseil communal à l'occasion de divers événements de la vie, tels que la naissance ou l'adoption d'un enfant (100,00 €), le mariage ou le partenariat civil (200,00 €), l'hospitalisation ou un congé maladie prolongé (75,00 €), ainsi que le décès d'un membre de la famille au premier degré ou d'un conseiller/ancien conseiller (100,00 €).

9. Règlement relatif aux tarifs à payer pour l'utilisation des salles communales

10 x ☒

Le Conseil communal approuve la modification du règlement taxe relatif à l'utilisation des salles communales. Afin de soutenir la vie associative, le nombre de jours gratuits pour les associations organisant une manifestation avec droit d'entrée ou participation financière passe de 1 à 2 jours.

10. Nuit blanches officielles 2026

10 x ☒

Le Conseil communal fixe les nuits blanches pour l'année 2026:

Date	Occasion	Section
15.02.2026	Dimanche de carnaval	toutes
16.02.2026	Lundi de carnaval	toutes
15.03.2026	Dimanche de Laetare	toutes
01.05.2026	1 ^{er} mai	toutes
22.06.2026	Fête nationale	toutes
11.07.2026	Promenade du Terroir	Ahn
17. - 19.07.2026	Éiner Wënzerdag	Ehnen
23.08.2026	Meechtermer Wäischmaachen	Machtum
18. - 20.09.2026	Riesling Open	toutes
24.12.2026	Réveillon de Noël	toutes
25.12.2026	Noël	toutes
31.12.2026	Saint-Sylvestre	toutes

11. Pacte Nature

10 x ☒

11.1 Plan d'aménagement et de gestion des espaces verts communaux

Dans le cadre d'une cartographie des espaces verts, tous les espaces verts communaux ont été recensés et documentés. Pour chaque zone, la végétation et les caractéristiques infrastructurelles ont été notées. Sur la base de cette analyse, un plan d'aménagement et de gestion a été élaboré. Celui-ci définit les mesures pour la valorisation écologique des surfaces en vue d'une plantation proche de la nature.

11.2 Concept de gestion écologique des chemins ruraux

Le concept définit des lignes directrices pour l'entretien et la maintenance des chemins, en particulier en ce qui concerne les travaux de fauchage et d'élagage des haies.

11.3 Lignes directrices de gestion forestière durable et proche de la nature

Le Conseil communal décide de privilégier une gestion forestière durable et respectueuse de la nature, conforme aux normes de certification FSC/PEFC.

11.4 Projet d'urban gardening et d'urban farming

Le Conseil communal décide de continuer à soutenir le projet « Jardin communautaire » de natur & ëmwelt, qui est géré sur des terrains municipaux.

11.5 Check-list environnementale pour les plans d'aménagement particuliers

Le Conseil communal décide de reconnaître la liste de contrôle environnementale pour les PAP comme ligne directrice pour les promoteurs immobiliers, afin de prendre en compte les aspects du Pacte Nature lors de la phase de planification, tels que les toits et façades végétalisés, la promotion de la biodiversité, etc.

11.6 Concept de communication et d'information

Le Conseil communal décide d'adopter le concept de communication et d'information SIAS comme document stratégique et principe directeur pour la sensibilisation et l'information. La Commune de Wormeldange continuera donc à consacrer 1 à 2 pages du bulletin communal au Pacte Nature.

12. Remplacement d'une conduite d'eau en fibrociment à Wormeldange-Haut - Crédit spécial

10 x ☒

Le Conseil communal approuve un crédit spécial de 100.000,00 € pour le financement d'une nouvelle conduite d'eau au lieu-dit « Wéngertswee » à Wormeldange-Haut.

13. Subsidés extraordinaires

10 x ☒

Sur proposition du Collège échevinal, le Conseil Communal accorde les subsidés extraordinaires suivants :

1.000,00 €	Vins et Crémants Luxembourg
50,00 €	Lux Rollers
500,00 €	natur & ëmwelt Sektoun Wormer
500,00 €	Trisomie 21

FIN DE LA SÉANCE ■

NIGHT LIFE BUS

LUXEMBOURG

Steinsel
Walferdange
Lorentzweiler

Bjwer-Manternach

Betzdorf

Grevenmacher-
Mertert

Niederanven

Flaxweiler

Schuttrange

Sandweiler-Contern

Lenningen
Wormeldange

Esch-sur-Alzette/
Schifflange

Dudelange

Remich-Bous
Waldbredimus
Stadtbredimus

Schengen

Komm weekends sëcher
an entspaant heem!

*Le weekend, rentre chez
toi en toute sérénité !*

nightlifebus.lu



emile weber
all about your journey



90. Gebuertsdag - De Schäfferot war op Besuch bei der Famill Greif-Wagner zu Éinen fir mat der Madamm Hannelore Greif-Wagner op hiren 90. Gebuertsdag unzes-toussen - 19. Februar 2026

Réckbléck



Scheckiwwer-reechung - D'Entente Wormer an d'Gemeen Wormer iwwerreechen der Trisomie21 asbl e Scheck an Héicht vun 1500 € aus dem Erléis vun der Kleeserchersfeier 2025 - 9. Februar 2026



Wine Lights Enjoy - De Wine Lights Enjoy huet seng 4. Editioun gefeiert a ganzer 4444 Leit hunn de Weekend vum 30. - 31. Januar 2026 de Wee an eis Gemeen fonnt.

Transition vers de nouvelles poubelles

La Commune de Wormeldange met en œuvre les nouvelles prescriptions du SIGRE pour une gestion des déchets plus claire et efficace. Ces changements concernent à la fois les couleurs et les types de récipients.



Tailles et types des récipients

Les Ecobacs seront progressivement remplacés d'ici 2027 avec des poubelles de 45l, 120l, ou 240l. Les conteneurs de 660l et 1100l sont uniquement destinés aux résidences à plusieurs unités (3+) et sociétés.



Quelle couleur pour quel déchet ?

Récipient brun : déchets organiques - ordures de cuisine (marc de café et sachets de thé, restes alimentaires (crus ou cuits) y compris la viande et le poisson, aliments avariés, périmés, coquilles d'oeufs) déchets de jardinage (herbe, gazon et feuillage, mauvaises herbes, fleurs, foin, paille, fruits tombés)

Récipient Bleu : vieux papiers et cartons - journaux, magazines, prospectus, enveloppes et cartes, catalogues, livres et cahiers, calendriers, cartons, boîtes à oeufs, sac en papier, etc.



Récipient Vert : verre - bouteilles en verre, récipients en verre pour légumes et fruits, pots de confiture, flacons de parfum, autres récipients en verre

Récipient Jaune : déchets verts - branchages, taille de haies, déchets ligneux



Récipient Noir : déchets résiduels/ménagers - emballages non recyclables, couches bébés, articles d'hygiène, papier cuisine, mégots, mouchoirs, cotons-tiges, litière de chat, cendre froide, balayures, sacs d'aspirateur, tapisserie

Livraison des nouvelles poubelles

Les nouvelles poubelles commandées via la fiche de renvoi du 26 janvier seront livrées en fonction des disponibilités. Il se peut que les poubelles pour le verre et le papier n'arrivent pas en même temps. La mise à disposition est gratuite.



Seules les poubelles conformes seront collectées

À partir du 1er janvier 2027, seuls les déchets déposés dans les poubelles conformes seront collectés. Les Ecobacs ne seront plus vidés lors des collectes porte-à-porte.

Pas de collecte des déchets en vrac

Les déchets déposés en vrac ou placés à côté des poubelles ne seront pas ramassés.



Kollektivvertrag Gemeen Wormer

2026 – 2028

Neie Kollektivvertrag fir 18 Mataarbechter vun der Gemeen Wormer -

dee leschte Vertrag ass den 31. Dezember 2025 ausgelaf.

D'Personaldelegatioun zesumme mam OGBL an dem Schäfferot hunn den 2. Februar 2026 e neie Kollektivvertrag fir 18 Mataarbechter vun der Gemeen Wormer ënnerschriwwen, deem vum 1. Januar 2026 bis den 31. Dezember 2028 gëlt.

D'Salarië sinn duerch de Kollektivvertrag ofgeséichert. No e puer Méint Verhandlungen hunn d'Parteien an engem agreabele a konstruktive Klima en Accord fonnt. Mat um Verhandlungsdësch souzen d'Personaldelegéiert Mike Mesenburg a Josy Sadler mat hirem Vertrieider vum OGBL dem Här Marvin Bormann.

An deenen éischte Verhandlungsronden ass een ëmfaassenden Doleancëkatalog presentéiert ginn, deem op de Réckmeldungen aus der Realitéit vum Terrain an den Erwaardungen un den Aarbechtsalldag vun den Aarbechter berout.

De Vertrag bréngt Upassunge bei de Primmen an Absencen mat sech. D'Primmen sinn elo cumulabel mat engem Maximum vun 40 Punkte pro Mount a ginn ënner anerem fir d'Bereetschaftsdéngschter, Wanterdéngscht a Verstärkung bei Asätz opgewäert. Nei ass och eng Präsenzzoulag, déi d'Mataarbechter belount, déi wéineg oder keng Krankendeeg hunn. D'Attestpflicht gëtt ënnert deem neie Kollektivvertrag e bësse méi streng gehandhabt.

Zudem ginn d'Paieziedelen elo elektronesch iwwer „MyGuichet“ verschéckt, fir de Mataarbechter den Zougang méi einfach ze maachen.

Den 3. Mäerz gouf eng Personalversammlung organiséiert, fir de Mataarbechter de neie Kollektivvertrag virzestellen an Froen ze beäntweren. Ofgeschloss gouf dës Informatiounsreunioun mam Hiweis vum Buergermeeschter datt d'Gemeen eng Entitéit ass an datt d'Solidaritéit an d'Zesummenaarbecht tëscht de Servicer primordial fir een héichwäertege Service fir eis Bierger- a Biergerinnen ass.



2026

MANIFESTATIOUNSKALENNER

Syndicat d'Initiative et de Tourisme Wormeldange

JANUAR

1. - 31.	Wine Cheese Enjoy	ORT Moselle	
25.	Ofschlossfeier 175. Jubiläum	Comité 175-Chorale Wormer	Centre Wormer
30. - 31.	Wine Lights Enjoy	ORT Moselle	Ohn/Wormer

FEBRUAR

1. - 28.	Wine Cheese Enjoy	ORT Moselle	
8.	Snoopy Kanner-Maskebal	FC Koeppchen Vinesca Wormeldange	Centre Wormer
22.	Borregbrennen	Dii Wormer	Kundel
22.	Borregbrennen	Meechtemer Schliiken	Schliikeplaz
22.	Matinée Dansante	UDP	Centre Wormer

MÄERZ

7.	Botzen an der Gemeen Wormer	natur & ëmwelt Wormer	
7.	Billek Floumaart	Elterevereinigung	Centre Wormer
21.	Gala-Concert Hans Zimmer	Wormer Musek	Centre Wormer
29.	Theater « Illusiounen »	Comité 175-Chorale Wormer	Centre Wormer

ABRËLL

3.	Gebakene Fësch	Club des Jeunes	Centre Éinen
5.	Bal de Pâques	UDP	Centre Wormer
18.	Scoutsquiz	Frënn vun de Wormer Guiden a Scouten	Centre Ohn
25.	Lëtzebuenger Quiz-Owend	Schlappentouristen	Centre Ohn

MEE

1.	1. Mee Feier	Dii Wormer	Wormer Bësch
3.	Pêche & Rallye Pedestre	UDP	Dreiborn
8.	Präisiwwerreechung Molconcours	Elterevereinigung	Spillschoul Billek
13.- 14.	Grillfest mat Porte Ouverte CIS Wormer	Wormer Pompjeeën	Op der Wiss Éinen
23.	Interennen/Leschte Match	FC Koeppchen Vinesca Wormeldange	Terrain Am Gaa
24.	Fête de Pentecôte	UDP	Op der Wiss Éinen
24. - 25.	Wine Taste Enjoy	ORT Moselle	
24.	Tëleesmass	Ensemble vocal Ste. Cécile Ehnen	Kierch Éinen
30.	Schleck Gran Fondo	Schleck Experience	

JUNI

6.	Rieslingcup meets Dushti	FC Koeppchen Vinesca Wormeldange	Terrain Am Gaa
6.	Gala-Concert	Chorale Wormer	Centre Wormer
6.	Nuit du Sport	Sportskommissioun	Billek
21.	Tournoi de Football	UDP	Terrain Am Gaa
22.	Virowend Nationalfeierdag	Gemeen Wormer	Schlikeplaz Meechtem
27. - 28.	Koeppchen Youth Cup	FC Koeppchen Vinesca Wormeldange	Terrain Am Gaa
27.	Hämmelsmarsch	Wormer Musek	Wormer a Wormerberreg

JULI			
3. - 5.	Scoutskiermes	Wormer Guiden a Scouten	Scoutshome Ohn
5.	Fête annuelle des membres	UDP	Terrain Am Gaa
10.	Schoulfest	Elterevereinigung	Primärschoul Billek
11.	Promenade du Terroir	Confrérie Palmberg	Ohn
12.	IRONMAN® 70.3	IRONMAN	Muselregioun
16.	Vernissage	Éiner Wënzerdag	Domaine Häremillen
17.	Opening	Éiner Wënzerdag	Kërcheplaz
19.	41. Éiner Wënzerdag	Éiner Wënzerdag	
AUGUST			
20.	Vernissage Konschtausstellung	Entente Meechtem	Meechtem
23.	19. Wäinhappening 40. Wäinschmaachen	Entente Meechtem	Meechtem
SEPTEMBER			
18. - 20.	Riesling Open		
25.	Fiederwäissenowend	Kulturveräin Wormer	Centre Éinen
OKTOBER			
2.	Joyeuse Entrée	Gemeen Wormer	Éinen
3.	Pilztour	natur & ëmwelt Wormer	Kapenaker Bësch
4.	Hierschtmaart	Schlappentouristen	Centre Wormer
17.	Nuit de Fados	UDP	Centre Wormer
24.	Oktoberfest am Wormer Stadl	FC Koepchen Vinesca Wormeldange	Centre Wormer
24.	Hämmelsmarsch	Wormer Musek	Wormerberreg
25.	Kiermesconcert	Wormer Musek	Wormerberreg
24. - 25.	D'Miselerland brennt	Brenner am Miselerland	
NOVEMBER			
14.	Hämmelsmarsch	Wormer Musek	Wormer
14.	Bal ass Bal	Club des Jeunes	Centre Éinen
28.	Ausgab Adventskränz	Wormer Guiden a Scouten	Scoutshome Ohn
29.	De Kleesche kënnt	Entente Meechtem	
DEZEMBER			
5.	De Kleesche kënnt	Éiner Wënzerdag	
5.	De Kleesche kënnt	Entente Wormer	
31.	Bal de la St. Sylvestre	UDP	Centre Wormer

Dir plangt spontan e weidert Event während dem Joer 2026 oder wëllt méi Informatiounen zu ärem Event matdeelen ? Schéckt eis äre Flyer (PDF & JPG) op communication@wormeldange.lu	Un autre événement prévu en 2026 ou encore des informations à partager ? Envoyez-nous votre flyer (PDF & JPG) à communication@wormeldange.lu
Esou kënnt äert Event an den Agenda op wormeldange.lu an an den Eventkalenner um E-Reider – a kee verpasst et !	Nous assurons la visibilité de votre événement dans l'Agenda sur wormeldange.lu et dans le calendrier du E-Reider – pour qu'il ne passe pas inaperçu !



De Comité gouf an der Caves Gindt ofgehal. Inviteë waren d'Nathalie Besch vum ORT an de Borgermeeschter Claude Pundel.

E Punkt deen Owend waren déi besteeënd Wanderweeër an evtl nei Projete wou d'Kommissioun ausgeschafft hat. D'Nathalie Besch huet eis déi néi-

deg Infoen dozou duergeluecht.

E weidere Punkt woar d'Visitt vum Grand Duc wou de Claude Pundel eis Infoe gouf.

Ofgeschloss hu mer de Comité mat eem goude Patt a goudes Gesellschaft.

SPORT

oder online
ausfüllen



Ëmfro: Wat wënscht Dir Iech fir Är Fräizäit ? Hëlleft de Sportskommissiounen vum de Gemenge Fluessweiler a Wormer hir Offer u Fräizäitaktivitéiten auszubauen

an un Är Besoinen unzepassen. Ausgefüllte Froebou bis de 15. Juni 2026 un d'Gemengen schécken oder per E-Mail op sport@wormeldange.lu schécken.

A wéi enger Gemeng wunnt Dir ? *obligatoresch

☐ Fluessweiler

☐ Wormer

Ären Numm a Virnumm *obligatoresch Donnéeë just fir Kontakt bei Ëmsetzung vum Äre Virschléi a Gewinnspill

Är Adress *obligatoresch Donnéeë just fir Kontakt bei Ëmsetzung vum Äre Virschléi a Gewinnspill

Är E-Mail Adress *obligatoresch Donnéeë just fir Kontakt bei Ëmsetzung vum Äre Virschléi a Gewinnspill

Är Telefonsnummer *obligatoresch Donnéeë just fir Kontakt bei Ëmsetzung vun Äre Virschléi a Gewinnspill

Betreffend Ären Alter, sidd Dir ? *obligatoresch

- ☐ Student
- ☐ Berufstätég
- ☐ Pensionéiert

Sidd dir zefridde mam Sportangebot an Ärer Gemeng ? *obligatoresch

- ☐ Jo
- ☐ Nee
- ☐ Kéint besser sinn

Waat feelt Ärer Meenung no, oder wat kéint een nach weider organiséieren ? *obligatoresch, multiple-choice

- ☐ Yoga
- ☐ Vëlosgrupp
- ☐ Mountain Bike
- ☐ Fitness
- ☐ E-Bike
- ☐ Kampfsport
- ☐ Laftreff
- ☐ Schwammen
- ☐ Aneres:

Zu wéi enger Zäit wieren déi Coursen fir Iech am beschten ? *obligatoresch, multiple-choice

- ☐ Moies
- ☐ Mëttes
- ☐ Owes
- ☐ An de Schoulvakanken
- ☐ Net an de Schoulvakanken
- ☐ Weekends
- ☐ Egal



Déi nächst Haus-zu-Haus-Sammlung ass den 16. September 2026


Kleedercontainer um Kundel

Neien Emplacement

Déi 3 orange Kleedercontainere virum Kundel Recyclingcenter ginn erageholl. An Zukunft kënnen al Kleeder nëmmen nach während den Ouvertureszäite vum Recyclingcenter an déi dofir virgesi Containeren deposéiert ginn.

Mat dëser Mesure wëllt d'Gemeen d'Propretéit ronderëm de Site verbessern a vermeiden, datt Tute mat Kleeder nieft de Containeren ofgestallt ginn oder aneren Dreck an de Containeren lannt.

Pour la petite histoire: déi skurrilste Saachen, déi an de Containeren fonnt gi sinn, waren een Teppich an eng Kutsch.



Neien Emplacement vun de Kleedercontaineren





David ZIEJEWSKI

Elektriker - Service Technique

Zënter dem 1. Februar verstärkt den David d'Elektresch-Ekipp a bréngt wäertvoll Erfahrung mat. Aus sengem virechten Job kennt hien d'Gemeng a säin Ekippekolleg den Tedi scho relativ gutt.

Mir stellen Iech eis nei Mataarbechter vir

Wëllkomm!



Claire OMS

Fonctionnaire - Secrétariat communal

D'Claire ass keen onbekannt Gesiicht an der Gemeen Wormer. Zënter dem 1. März 2026 stellt hat säin Talent elo am Sekretariat ënner Beweis ! Hatt këmmert sech do ëm d'Ufroen vu Subsidien, déi d'Ministère fir verschidde Projete ausbezuelen, a gëtt säin Appui bei der Facturation.



Maria FERNANDES

Architektin - Service Technique

Mam Maria ass de Service Technique elo komplett a gutt opgestallt. Sanéierungen oder Neibaute stinn op senger Dagesuerdnung. ArchiCAD ass säi Liblingstool, mat deem hat vill schéi Pläng entwéckele kann.



Roberto SANTOMAURO

Artisan en génie technique du bâtiment - Service Technique

Den 1. Dezember 2025 ass fir de Roberto een neit Kapitel ugaangen. Hien huet niewent senger Aarbecht als Elektriker d'Meeschterprüfung gemaach an ass elo an der Administratioun fir d'Organisatioun vun den Entretenaarbechten um Niveau vun de Gebaier zoustänneg. Hien ass genau de richtege Mann fir deen Job.

A photograph of a modern building with a wooden slat facade. The upper part of the building features a series of vertical wooden slats, while the lower part has a concrete base. The ground in the foreground is covered in a layer of snow, with some debris and a red hose visible. A white banner with green text is overlaid on the image.

Gemeenenatelier & CIS Wormer

Et geet virun



Den neien Atelier hëlt Form un - prett fir déi nächst Etappen

Zënter dem éischte Spuetstéch de 5. Juni 2023 ass um Chantier vum neie Gemeenenatelier a Pompjeeësbau vill geschitt. Mat enger Investitioun vu ronn 13,5 Milliounen Euro schaaft d'Gemeen um Kundel e modernt Gebai, dat optimal un d'Bedierfnesser an d'Aarbechtsfleef vum Service Technique an dem CIS Wormer ugepasst ass.


D'Réibauaarbechte si méttlerweil ofgeschloss. An de kommende Méint stinn elo d'Finitiounen am Banneraum an d'Chappen op

der Säit vun de Büroen un. Duerno kënn dann den Amenagement extérieur un d'Rei mat ë.a. enger Clôture ronderëm an de Portaler uewen an ënnen. Och d'Nohaltegkeet kënn net ze kuerz: eng Photo-voltaik-Anlag an eng extensiv Daachbegréngung si virgesinn.

Mir si gudder Dég eng Punktlandung ze maachen, sou datt eise Service Technique pünktlech fir de Schluss vum Joer 2026 eroplënnere kann.



Éischte Spuetstéch 5. Juni 2023



Asetze vun de prefabrikierte Moduler 30. Abrëll 2024



Vue aus dem Openthaltsraum eraus



FC Koeppchen Aweigung

Nei Buvette & Vestiaires

An enger flotter klenger Feierstonn sinn den 12. Mäerz 2026 déi nei Vestiaires an d'Buvette vum FC Koeppchen Vinesca Wormeldange um Site « Am Gaa » zu Dräibuer offiziell ageweit ginn.

Zesumme mat de bedeelegte Corps de métiers, de Verrieder vum Veräin esouwéi de Verantwortleche vun der Gemeen gouf domat - a Präsenz vun der Sportsministesch, der Madamm Martine Hansen - e gréisstere Infrastrukturprojet ofgeschloss.

Ënnert der Leedung vum Service Technique an dem Architektbüro Dieschbourg

Wagner hu sech d'Aarbechten fir den Ëm- an Ausbau vun 2022 bis 2025 gezunn. Während der Renovatiounsphas ass de lafende Spillbetrib ënnert kreative Léisunge oprechterhale ginn, sou datt déi 15 Ekippe vum Veräin och während dem Ëmbau aktiv bleiwe konnten.

De Gesamtprojet beleeft sech op 3,8 Milliounen Euro. Eng substantziell Ënnerstëtzung koom vum Sportsministère, deen e Subsid vun 1.012.000,00 € bereet gestallt huet.

Déi nei Infrastruktur ëmfaasst modern Vestiaires, eng nei Buvette an e Fitnessraum fir d'Memberen. Et gouf och vun der Geleeënheet profitéiert fir d'Belichtung um Terrain op LED ëmzerüsten,



eng LED-Leinwand a Fangnetzer ze installéieren, eng Stockageplaz fir d'Goler ze amenagéieren an een neie Belag ronderëm d'Gebai ze maachen.

Mat der Fäerdegstellung vum Projet huet de Veräin elo zäitgeméiss a verbessert Infrastrukturen, déi esouwuel de sportleche Betrib wéi och d'Veräinsliewe stäerke sollen. Mir wënschen dem Veräin vill schéi Momenter an den neie Raimlechkeeten, esouwuel um Terrain wéi an där neier Buvette, wou hoffentlech nach vill Victoïrë gefeiert kënnen ginn.

Le 12 mars 2026, les nouveaux vestiaires et la buvette du FC Koepchen Vinesca Wormeldange sur le site « Am Gaa » à Dreiborn ont été officiellement inaugurés en présence de la ministre des Sports, Madame Martine Hansen, ainsi que des représentants de la commune, du club et des corps de métiers impliqués.

Réalisés entre 2022 et 2025 sous la direction du service technique communal et du bureau d'architectes Dieschbourg

Wagner, ces travaux représentent un investissement total de 3,8 millions d'euros, dont 1.012.000 € subventionnés par le ministère des Sports.

Les nouvelles infrastructures comprennent des vestiaires modernes, une buvette, une salle de fitness, un éclairage LED, un écran LED, des filets de protection, un espace de stockage pour les buts et un nouveau revêtement autour du bâtiment.

Grâce à ces nouvelles installations, le club dispose désormais d'infrastructures modernes qui renforcent à la fois les conditions du sport et la vie associative du FC Koepchen Vinesca Wormeldange.



Éinen Puddel

Pavillon

Eng Plaz fir ze entschleunegen. Sait den éischte Stonne gehéiert de Pavillon zum Gesamtkonzept vum Puddel zu Éinen - net als Zousaz mee als partie intégrante. Geplangt als Verkafsplaz fir Snacks a Gedrénks, mécht en d'Plaz laanscht d'Musel nach méi attraktiv a gëtt zu engem Treffpunkt fir Familljen, Wanderer a Vëlosfuerer.

Wa schéint Wieder ass, beliewen d'Familljen d'Spillplaz, d'Vëlospist ass vill befuer an d'Wanderer genéissen déi oppe Landschaft. Op sou Deeg ass zu Éinen op der Route du Vin vill Beweegung. E richtege Publikumsmagnét. Dem nei opgewäerte Park mat Öffnung zur Musel hin felt et just nach un engem Kiosk mat klenger Gastronomie an ëffentlech zougänglechen Toiletten.

D'Architekturbüroe YO studio an atelier d'architecture-dba hunn e funktionnell a kompakt Gebai konzipéiert mat engem Haaptnotzungsberäich vun 60 m² (ronn 30 Sëtzplazen) esouwéi enger iwwerdaachter Terrass, déi Plaz fir ongeféier 24 Persounen huet.

D'Lag ass optimal: tëscht der Spillplaz an der grousser Wiss, direkt laanscht dem Vëloswee mat Vue op d'Musel.

D'Iddi ass et hei Glacen, Paangecher, Eisekuchen, Sandwichen esouwéi kleng Platen ze verkafen - fir matzehuelen oder op der Plaz ze genéissen. De Pavillon wäert sech dem Rhythmus vum Site mussen upassen. D'Gebai bitt déi technesch Basis fir eng kleng Restauratioun unzebidden.


Et ass e Beispill fir eng zäitgenësseg Architektur. D'Gebai fällt op duerch seng spannend Form mat ofgerënneten Ecken. Grousszügig Verglasung maachen de Raum op a Richtung Musel. Schiebedieren maachen de Raum wuertwiertlech op. Baussen ass een integréiert Bushaische mat Sëtzbank virgesinn - also komfortabel iwwerdaacht.

D'Architekten spille mam Kontrast: raue Bëton ënnen, glatte Bëton uewen. Bannen hu mer Terrazzo, Sperrholz-Miwwelen, Inox, Plättercher an un d'Form vum Gebai ugepasste Sëtzbanken aus Bëton.

Direkten Zougang zu den Toiletten vu baussen, erméiglecht eng Notzung och ausserhalb vun den Öffnungszäiten vum Pavillon. E besonnesche Wäert gouf op d'Accessibilitéit geluecht: nieft enger Toilett mixte steet och eng PMR-gerecht Toilett zur Verfügung.

De Pavillon läit an enger Héichwaasser-Risikozone an ass entsprechent geplangt ginn. Den Technikraum, de Poubellesraum, d'Lager an d'Toiletten hunn Héichwaasserdieren a sinn waasserdicht. D'Ariichtung aus dem Haaptraum muss bei Héichwaasser an de Lagerraum vun 13,6 m² evakuéiert ginn. D'Miwwele si mobil oder klappbar an deemno lichter ze deplacéieren. Et ass näischt fest installéiert. Eng Fotovoltaikanlag um Daach suert fir nohaltege Energieversuergung, iwwert eng Wärmepumpe gëtt gehëtzt.

De Chantier geet am Fréijoer 2026 un, mam Terrassement. D'Ausschreiwung (clé en main) huet Kuhn Construction S.A. gewonnen. D'Käschte leie bei ronn 1.350.000,00 € (mat Honorairen an TVA).



A place to slow down. From the start, the pavilion has been an integral part of the Puddel concept in Ehnen. Designed as a small snack and beverage point, it makes the Moselle-side area even more attractive and serves as a meeting point for families, cyclists, and walkers.

Ideal location: between the playground and the open meadow, directly on the cycle path with a direct view of the Moselle. Concept: ice cream, small plates, and pastries to take away or enjoy on site. The pavilion adapts to the rhythm of the site and provides the technical basis for small catering.

Designed by YO studio and atelier d'architecture-dba, the compact and functional building includes 60 m² inside (about 30 seats) and a covered terrace for 24 people. Contemporary architecture with rounded corners, large windows, and sliding doors. Outside, a covered shelter with benches is integrated.

Fully accessible with public toilets, including a PMR facility. Flood-protected, with mobile furniture and a rooftop photovoltaic system for sustainable energy.

Construction starts spring 2026. Budget: 1.350.000,00 € (turnkey contract by Kuhn Construction S.A.).



Spillplaz Puddel

Un lieu pour ralentir. Depuis le début, l'idée du pavillon fait partie intégrante du concept global du Puddel à Ehnen. Conçu comme point de vente de snacks et boissons, il rendra le site le long de la Moselle encore plus attractif et deviendra un lieu de rencontre pour familles, cyclistes et promeneurs.

Conçu par YO studio et atelier d'architecture-dba, le bâtiment est compact et fonctionnel : 60 m² à l'intérieur (environ 30 places) et une terrasse couverte pour 24 personnes permettant l'exploitation d'une petite restauration. Architecture contemporaine avec angles arrondis, grandes baies vitrées et portes coulissantes. L'extérieur intègre un abri couvert avec bancs.

Le pavillon est accessible à tous, avec toilettes publiques dont une PMR. Il est protégé contre les crues, le mobilier est mobile et une installation photovoltaïque assure une énergie durable.

Travaux prévus pour le printemps 2026. Budget : 1.350.000,00 € (clé en main par Kuhn Construction S.A.).



Spillplaz Puddel



Un petit pas pour moi Un grand pas pour l'environnement

VALORISER L'EAU



Je n'ouvre le robinet que le temps vraiment nécessaire.

Se brosser les dents sans fermer le robinet consomme 20 litres d'eau potable.



Je prends des douches rapides plutôt que des bains.

Un bain consomme autant d'eau que 4-5 douches (40-60L vs. 120-200L).



Ma règle d'or : une machine pleine à chaque lavage.

La machine à laver et le lave-vaisselle consomment beaucoup d'eau potable.




J'arrose les plantes tôt le matin ou tard le soir.

L'arrosage pendant les heures fraîches réduit l'évaporation et optimise l'absorption.



Je collecte l'eau de pluie pour économiser l'eau potable.

L'eau de pluie est idéale pour arroser les plantes, nettoyer la voiture et la terrasse...



Robinetts, canalisations ou tuyaux d'arrosage abîmés?

Je répare! Une petite fuite peut gaspiller des centaines de litres d'eau chaque jour.



J'appuie sur le petit bouton après la petite commission.


Presque 1/3 de notre eau potable est utilisée pour la chasse d'eau des toilettes.



Je bois l'eau du robinet.

L'eau du robinet est saine, locale et beaucoup moins chère que l'eau embouteillée.

Hop, je remplis mon bidon!



Je dis stop aux produits toxiques, car tout finit dans l'eau!

J'évite les pesticides et je privilégie les produits écologiques / biodégradables.

Plus sur le sujet! → klenschrett.lu / teamwaasser.lu

Editeur:

Ëmweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu



Partenaire:




Administration
de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg



Wormer
d'Rieslingsgemeen



Wormer
d'Rieslingsgemeen



Et si le préfinancement simplifiait ... l'accès à votre installation photovoltaïque ?

Investir dans des panneaux solaires est une démarche pertinente pour réduire les coûts énergétiques à long terme. Toutefois, le financement initial peut représenter un obstacle. Le préfinancement étatique facilite considérablement cette étape.

Que signifie le préfinancement ?

Dans le cadre du préfinancement, l'entreprise artisanale exécutante introduit directement la demande de subvention auprès du ministère de l'Économie. La part subventionnée des aides Klimabonus est ensuite déduite de la facture finale. **Les clients ne paient dès lors que ce qui reste à leur charge**, tandis que l'entreprise reçoit le montant de l'aide au plus tard dans un délai de quatre semaines.

Pour les bénéficiaires, cela signifie qu'aucune avance totale n'est nécessaire et que la charge administrative est réduite. L'entreprise artisanale prend en charge l'ensemble de la procédure.

Simulez les aides étatiques pour votre installation solaire sur aides.klima-agence.lu.

Conditions d'éligibilité

Le préfinancement s'applique uniquement aux :

- installations photovoltaïques sur des **bâtiments résidentiels** ou comprenant au moins une unité d'habitation
- installations fonctionnant **en mode autoconsommation** (sans tarif d'injection garanti)
- offres signées **au plus tard le 31.12.2029**
- demandes de subvention introduites **avant le 31.12.2031**
- factures dont les acomptes déjà versés ne dépassent pas **30 % du montant final TTC** tel que projeté dans l'offre signé par le demandeur
- entreprises artisanales inscrites au **registre des entreprises autorisées pour le préfinancement**
- installations photovoltaïques seules ou combinées à un système de batterie.

Comment se déroule la procédure ?

1. **Signature de l'offre** : l'offre de l'entreprise doit être signée au plus tard le **31.12.2029**. Le mandat pour le préfinancement est signé au même moment.
2. **Introduction de la demande** : l'entreprise enregistrée introduit la demande de préfinancement auprès du ministère de l'Économie sur myguichet.lu.
3. **Installation de l'équipement** : une fois la demande approuvée, l'installation est réalisée. L'installation doit fonctionner en **mode autoconsommation**.
4. **Facture finale** : le montant préfinancé ainsi que les **acomptes versés** sont directement déduits. Les clients ne paient que le solde restant.
5. **Versement et attestation** : l'entreprise reçoit la subvention au plus tard quatre semaines après l'introduction de la demande. L'entreprise et le client reçoivent une attestation mentionnant le montant accordé, permettant au client de solliciter d'éventuelles **aides communales** complémentaires.



Scannez le code QR
pour plus d'informations
sur le préfinancement



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90

Aluedung / Invitation


Informationunsversammlung
Réunion d'information

Wandpark Fluessweiler-Wormer

de 14. Abrëll um 18:30 Auer
am Festsall zu Fluessweiler

le 14 avril à 18h30
dans la Salle des fêtes à Flaxweiler





Mir freeën eis, lech op en Informatiounsowend zum leschte Stand vum Projet „Wandpark Fluessweiler-Wormer“ anzulueden.

Vun den ufanks virgestallten Anlage kënnen der dräi gebaut ginn. De Projet gëtt vun der Gesellschaft Soler an Zesummenaarbecht mat den zwou Gemenge

Fluessweiler a Wormer entwéckelt.

D'Informatiounsversammlung ass den Dönschden, 14. Abrëll 2026, um 18:30 Auer am Festsall zu Fluessweiler (1, Rue Principale, L-6925 Flaxweiler).

Mir freeën eis drop, lech do kënnen ze begréissen.

Firwat gehéiert d'Lorberkiischt net an eise Gaart?

D'**Lorberkiischt** (*Prunus laurocerasus*) ass ee sougenannten **invasive Neophyt**. Dëst si Planzen déi bei eis net eenheemesch sinn, a sech duerch hire Verbreedungsdrang negativ op eis Natur auswirken.

De Strauch kënnst ursprénglech aus Asien a bilt dicht Bestänn, déi eenheemesch Aarte verdrängt. En ass zwar och am Wanter schéi gréng an doduerch ee beléifte Siichtschutz, huet awer ënner anerem een **negativen Afloss op eis Aartevillfalt**.

Wat si Geforen, déi vun invasive Planzen ausginn?

- Verdrängung vun heemesche Planzen
- Verloscht u Biodiversitéit
- Entstoe vun Hybriden
- Allergie-ausléisend Planzen
- Erosioun vun Uferberäicher

Wat sinn alternativ Planze fir d'Lorberkiischt?

Du kanns dëst Joer bewosst heemesch Planzen an däi Gaart bréngen an invasiv Planze, wéi d'Lorberkiischt, evitéieren.



Franséische Pällem
Taxus baccata



Pällem
Buxus sempervirens



Grénge Faulbam
Ligustrum vulgare

Méi Alternativen zu invasive Planzen

An der neier Publikatioun „**Invasive Neophyten und ihre Alternativen für Gärten und Anlagen**“ fënns du nach weider Alternativen. D'Broschür kann op www.emwelt.lu rofgelueden oder bestellt ginn.

KRÖTENWANDERUNG ÜBERBLICK

1.

WIESO WANDERN KRÖTEN?



Kröten und andere Amphibien sind sowohl ans Land sowie ans Wasser als Lebensraum gebunden, so wandern sie im Frühling vom Land, wo sie den Großteil ihres Lebens verbringen, zum Wasser, auf das sie zur Fortpflanzung angewiesen sind. Dabei können sie bis zu 2 km zurücklegen.

WANN WANDERN KRÖTEN?

2.

Die Saison geht normalerweise von Ende-Februar bis Ende-April. Wenn Nachts die Temperaturen auf 5-10 C° steigen und es dazu noch regnet fangen die Kröten an zu wandern. Sie wandern meist von Sonnenuntergang bis kurz vor Mitternacht.



3.

WO LAUERN DIE GEFAHREN?



Der Straßenverkehr stellt für die Kröten die aller größte Gefahr dar. Sogar bei mäßig befahrenen Straßen (10 Autos in der Stunde) sterben 30% der Kröten beim Überqueren der Straße.

WAS KÖNNEN SIE TUN?

4.

Fuß vom Gas! Bei einer Geschwindigkeit von 30 anstelle von 50 km/h überleben 80% mehr Tiere.

Auf [Géoportail](#) können bereits bekannte Wanderorte abgerufen werden.



5.

WERDEN SIE AKTIV!



Wir suchen Mitstreiter! Helfen Sie mit bei Rettungsaktionen oder organisieren Sie selber eine. Wir unterstützen Freiwillige bei der Organisation und der praktischen Umsetzung von Rettungsaktionen.



Für zusätzliche Fragen melden Sie sich bei:

berodung@naturemwelt.lu

benevolat@naturemwelt.lu

SIAS, Naturpakt

Aktioun Bestäuber- stauden





Die Gemeinde bietet ein **Paket mit 6 bienenfreundlichen Wildblumen** zum Anpflanzen rund um das Haus an. Wildstauden sind Pflanzen, die sich im Winter in den Boden zurückziehen und im Frühjahr wieder austreiben. Pflanzen, die aus den Samen luxemburgischer Wildpflanzen gezogen werden, werden als „Lëtzebuergesch Wëllstauden“ (luxemburgische Wildstauden) bezeichnet, um sicherzustellen, dass sie in ihrer natürlichen, wilden Form erhalten bleiben. So können Insekten die natürlichen Blüten der Färbekamille, der Mädesüß oder der Moschusmalve optimal nutzen. Seit diesem Jahr werden diese Stauden auch in Luxemburg in Zusammenarbeit mit Sozialunternehmen wie CIGL Esch oder Lëlljer Gaart produziert.

Am besten pflanzen Sie die Stauden an einem sonnigen Standort rund um Ihr Haus (bei der Lieferung erhalten Sie auch eine Pflanzanleitung mit Informationen zu den verschiedenen Stauden). Für die sechs Stauden benötigen Sie eine Fläche von einem Quadratmeter.

Die Gemeinde stellt 100 Stauden ab Herbst 2026 zur Verfügung ganz nach dem Motto first come first served. Bei Interesse können Sie sich bei Frau Lynn KETTEL unter folgender Telefonnummer melden 76 00 31 - 317 oder per Email Lynn.kettel@wormeldange.lu.

Wenn Sie mehr über Stauden und ihre Verwendung in der Natur erfahren möchten, können Sie diesen QR-Code scannen.



Gemeinsam mit der Biologischen Station SIAS arbeitet unsere Gemeinde daran, den Bestäubern in unseren Dörfern mehr Pollen- und Nektarquellen zur Verfügung zu stellen.

Aus diesem Grund hat die Gemeinde beschlossen, die Einwohner bei der ökologischen Gestaltung ihrer Gärten und Balkone zu unterstützen. In diesem Jahr bieten wir gemeinsam mit SIAS wieder eine Initiative an, mit der Sie Ihren Garten ästhetisch und ökologisch aufwerten und gleichzeitig eine wichtige Nahrungsquelle für bestäubende Insekten schaffen können.



Naturpakt-Team

IGEL, HIESELMAUS A SIWWESCHLÉIFER



Vum Igel bis zur Hieselmaus !

An Zesummenaarbecht mam SIAS huet d'Gemeen Wormer e Prototyp fir Schutzkëschte fir Igel a Hieselmais hirstelle gelooss. No enger Ëmfro am November 2025, hu sech 25 Bierger/ innen un enger Igelkëscht interesséiert gewisen, 21 Bierger/ innen un engem Haischen fir d'Hieselmaus.

Den 11. Februar 2026 huet am Kader vum Naturpakt een Info-Owend stattfonnt, bei deem et

Erklärunge vum Naturpakt-Beroder Paul Palmer, vum Gemeenegärtner Gilles Bruckner a vum Tom Dall'Armellina vum SIAS gi sinn.

Ueschléissend sinn déi virreservéierte Këschten zesumme mat engem Zertifikat vum Naturpakt-Schäffen Mathis AST iwwerreecht ginn.

Interesséiert Awunner, déi nach eng Igel- oder Hieselmauskëscht wëlle kréien, kënnen sech bei der Madamm Lynn KETTEL (76 00 31 - 317 / lynn.kettel@wormeldange.lu) mellen.



KOMMT A FEIERT MAT EIS DE KLIMA- A BIODIVERSITÉITS DAG

am Centre Culturel Syrkus
30, Am Stengert
L-6916 Rued-Sir



Entdeckt eise villfältige Programm fir Erwuessener a Kanner
mat flotte Spiller, Workshops, interaktive Stänn, Shows an
engem Secondhand-Maart
klimadag.lu



Organisatioun: Gemeng Betzder an Ëmwelt- & Naturschutzsyndikat SIAS
Wéi kann ech ëmweltfrëndlech ureesen? Ganz einfach - mam Vëlo, Zuch, Bus oder Covoiturage.



Green Events : Wann Engagement a Nohaltegkeet zesummekommen

Zu Lëtzebuerg fanne bal all Weekend Fester statt – sief et eng Kiermes, e Festival, e sportlecht oder e kulturellt Event. Dës Manifestatioune sinn e wichtege Bäitrag zu der Liewensqualitéit am Land an an der Gemeng a sinn ouni den Asaz vun de ville Veräiner a Fräiwëllegen net denkbar. Gläichzäiteg bedeiten Eventer awer och Ressourcëverbrauch: lessen a Gedrénks gëtt verkaf, Offall entsteet, Energie gëtt verbraucht an d'Visiteure beweege sech dohinner.

Schonn zanter e puer Joer ënnerstëtzt Green Events d'Organisateuren dobäi, hir Veranstaltungen méi nohalteg ze gestalten – ouni de Spaass an d'Gesellegkeet aus den Aen ze verléieren. Dës Ënnerstëtzung ass ganz konkret: eng duerchduechten Offallgestioun mat Méiwee-Systemer, nohalteg Akeef a lokal Produiten, eng bewosst Offer u lessen a Gedrénks mat regionale a vegetareschen Alternativen, oder och ëmweltfrëndlech Mobilitéitsléisunge fir Visiteuren.


D'Beroder vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl an der SuperDrecksKëscht stinn de Veräiner an Organisateuren dobäi zur Säit – mat enger individueller a professioneller Berodung a vill konkreten prakteschen Tipps, vun der Planung bis zur Ëmsetzung.

Événements durables : quand engagement et durabilité font bon ménage

Au Luxembourg, des événements ont lieu presque tous les week-ends, qu'il s'agisse de kermesses, de festivals ou de manifestations sportives et culturelles. Ils contribuent de manière significative à la qualité de vie dans les communes et seraient impensables sans l'engagement de nombreux clubs, associations et bénévoles. Parallèlement, l'organisation d'événements implique également une consommation de ressources : nourriture et boissons sont vendues, des déchets sont générés, de l'énergie est consommée et les visiteurs se déplacent pour s'y rendre.

Depuis plusieurs années, Green Events soutient les organisateurs dans la mise en place de manifestations plus durables, sans pour autant perdre de vue le plaisir et la convivialité. Cet accompagnement est très concret : une gestion réfléchie des déchets avec des systèmes réutilisables, des achats durables et le recours à des produits locaux, une offre consciente de nourriture et de boissons avec des alternatives régionales et végétariennes, ainsi que des solutions de mobilité respectueuses de l'environnement pour les visiteurs.

Les conseillers de l'Ëmweltberodung Lëtzebuerg et de la SuperDrecksKëscht accompagnent les associations et les organisateurs en leur proposant un encadrement personnalisé et professionnel, ainsi que de nombreux conseils pratiques, de la phase de planification jusqu'à la mise en œuvre.



Vous souhaitez rendre votre prochain événement plus respectueux de l'environnement ou en savoir plus ? www.greenevents.lu greenevents@ebl.lu	Wëllt Dir Äert nächst Event méi ëmweltfrëndlech gestalten oder lech informéieren ? www.greenevents.lu greenevents@ebl.lu
---	---

LËTZEBUERGER QUIZOWEND



25.04.2026 | Centre Culturel Ohn | 18h

Menu 1

Wäinzossis
mat
Moschterzoss,
Purée & Zalot
15€

Menu 2

Kniddelen mat
Speck
10€

Menu 3

Kniddelen mat
Spinatzoss
8€

Equiper vun max. 6 Spiller - 5€/Spiller

**Unmeldung per schlappentouristen@hotmail.com
oder Whatsapp **621 703 398****



Kandidat

Numm vum Sportler:in/ der
 Ekipp oder dem Benevole

Numm vum Veräin

Sportaart/Aktivitéit
 (individuell, Ekipp)

Kontakt

Telefonsnummer

E-Mail

Kategorie

Einzelsportler (Resident)

☐

Benevole (≥ 10 Joer am Komitee)

☐

Ekipp (Veräin mat Sätz an der Gemeen)

☐

Sportler am nationale Kader
 (Nationalekipp/Selektioun)

☐

Sportlecht Resultat

Competitioun/Championnat

Titel/Resultat

Saison/Datum

Fir Benevollen

Komiteemember säit:

Kuerz Beschreiwung
 vum Engagement vun
 deem Komiteesmember

Règlement



De Formulaire ass zeréckzeschécken un d'Administration Communale de Wormeldange -
 c/o Lis Steinmetz - B.P. 7 - L-5507 Wormeldange / communication@wormeldange.lu **bis**
spéitstens den 12. Juni 2026

Date

Signature



Wormer
d'Rieslingsgemeen

DEMANDE POUR UN JOB ÉTUDIANT
- ÉTÉ 2026

Administration ou Service Technique

Je soussigné(e),

Nom(s)

Prénom(s)

Demeurant à

Numéro

Rue

L-

Localité

Né/e le

à

Matricule

N° Téléphone

Email

Nom de la Banque

Compte courant

LU

Inscrit(e) à l'école

souhaite poser ma candidature pour un job étudiant au sein de l'Administration Communale de Wormeldange pour les périodes suivantes (pas modifiables). Veuillez cocher le maximum de vos disponibilités et indiquer votre pointure pour la commande des chaussures de sécurité.

☐

(1) 15.06 - 26.06.2026

☐

(3) 13.07 - 24.07.2026

☐

(5) 10.08 - 21.08.2026

☐

(2) 29.06 - 10.07.2026

☐

(4) 27.07 - 07.08.2026

☐

(6) 24.08 - 04.09.2026

Pointure (chaussures de sécurité)

☐

(7) 07.09 - 18.09.2026

La durée du contrat est de 2 semaines, fixant un horaire de travail de 7h - 12h00 et de 13h - 16h00. Seules les candidatures d'étudiants résidents sont recevables. Les candidat(e)s doivent être âgé(e)s d'au moins 16 ans et d'au plus 21 ans le jour de la demande. **La demande doit obligatoirement être accompagnée d'un certificat de scolarité.** Les étudiants ne peuvent à la fois être embauchés par le « Schoulsyndikat Billek » et la Commune.

Veuillez agréer, Mesdames, Messieurs, l'expression de mes sentiments distingués.

_____, le _____

localité

date

signature

La demande pour un job étudiant doit parvenir au Secrétariat de l'Administration Communale de Wormeldange (c/o OMS Claire) jusqu'au 15 mai 2026 par voie postale ou électronique (claire.oms@wormeldange.lu).

A

ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

NNUAIRE95, rue Principale L-5480 Wormeldange76 00 31 - 1www.wormeldange.lu

Collège échevinal

Claude PUNDEL
Mathis AST
Pierre ADAM

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@wormeldange.luTéléfax 76 84 92

Secrétaire communal	Pascal WELTER	76 00 31 - 309
Secrétariat	Vanessa DA SILVA	76 00 31 - 300
	Lynn DE SOUSA	76 00 31 - 353
	Steve NEISES	76 00 31 - 307
	Claire OMS	76 00 31 - 355
Communication et Relations Publiques	Lis STEINMETZ	76 00 31 - 335

BUREAU DE LA POPULATION

population@wormeldange.luTéléfax 76 84 92

Marie WALLERS76 00 31 - 301
Joshua BETTENDORFF76 00 31 - 354

SERVICE TECHNIQUE

technique@wormeldange.luTéléfax 76 00 31 - 316

Ingénieur industriel	Carlos CANAS	76 00 31 - 306
Architecte	Maria FERNANDES	76 00 31 - 325
Technicienne diplômée	Géraldine BARTHOLMÉ	76 00 31 - 314
Secrétariat	Lynn KETTEL	76 00 31 - 317
Artisan en génie technique du bâtiment	Roberto SANTOMAURO	76 00 31 - 352

RECETTE COMMUNALE

recette@wormeldange.lu

Receveur communal	Sébastien MAY	76 00 31 - 303
-------------------	---------------	----------------

URGENCES TECHNIQUES

Eau	76 00 31 - 342
Voirie	76 00 31 - 340
Bâtiment	76 00 31 - 357

AUTRES

Centre forestier	24 75 66 98
Ecole fondamentale	621 35 57 13
Maison Relais	76 06 03 - 300
CIS Wormer	49 771 - 47 96

- IMPRESSUM -

DIRECTION DE LA PUBLICATION Collège Échevinal	RÉDACTION Collège Échevinal, Service Communication
GRAPHISME ET PRODUCTION Service Communication	CORRECTION ET RELECTURE Collège Échevinal
PHOTOGRAPHIE Carlo RINNEN, Norry STOLTZ Service interne	IMPRESSION Imprimerie OSSA
MISE EN PAGE Service Communication	QUANTITÉ D'IMPRESSION 1400 exemplaires



 PRINTED IN  LUXEMBOURG



myclimate.org/01-24-328655



**NUIT 2026
DU SPORT**



**06/06
2026**

NUIT DU SPORT
**SAVE
THE
DATE!**



zu Dräibuer

um Schoulkomplex Billek



**Gemeng
Fluessweiler**



**Wormer
d'Rieslingsgemeen**

